ESCH
ma ville, ma vie

COMMUNIQUÉ DE PRESSE

Ofschloss vum Centenaire vun der Escher Bibliothéik: Veröffentlechung vun engem Kannerbuch

Esch/Uelzecht, 27. Februar 2020. D'Escher Bibliothéik veröffentlecht an Zesummenaarbecht mat Zoom éditions fir den Ofschloss vun hirem Centenaire e Kannerbuch dat gratis wäert un 367 Escher Schüler aus dem Cycle 3.1 verdeelt ginn an ab dem 2. Mäerz 2020 an der Bibliothéik disponibel wäert sinn. Op dësem Dag gi mat enger "Journée Portes Ouvertes" d'Feierlechkeete vum Centenaire op een Enn.

Vum Claudine Furlano illustréiert, erméiglecht d'Buch de jonke Lieser d'Bibliothéik op eng spilleresch, witzeg a pedagogesch Aart a Weis ze entdecken. De Jippy (Kuerzform vum Jean-Pierre Theisen), sënnbildlech Figur vun der Bibliothéik, féiert d'Kanner duerch déi verschidde Raimlechkeete vun der Bibliothéik an erkläert hinnen de Fonctionnement. E Virwuert vum Historiker Dr. Vincent Artuso illustréiert d'Iddi op déi d'Bibliothéik opgebaut gouf an déi och no 100 Joer nach ëmmer aktuell ass: am Liewe gëtt ee besser eens, wann ee virwëtzeg bleift!

Disponibel an zwou Versiounen, *D'Escher Bibliothéik - The Esch-sur-Alzette Municipal Library* (Lëtzebuergesch - Englesch), *La Bibliothèque municipale d'Esch-sur-Alzette - Die Escher Stadtbibliothek* (Franséisch - Däitsch), mécht d'Buch d'Kanner mam Vocabulaire ronderëm d'Buch vertraut an enthält och e puer Molvirlagen. D'Texter goufe vum Myriam

Welschbillig op Lëtzebuergesch an Däitsch iwwersat a vun der Iwwersetzungsagence Traducta op Englesch.

Molbuch, pedagogesche Projet, Eruféierung un d'Welt vun de Bicher an de Bibliothéiken: d'Escher Bibliothéik variéiert ëmmer nees hir Aktivitéiten a bedeelegt sech fir déi éischte Kéier un der Publikatioun vun engem Buch dat ouni Zweiwel op Interessi vun de jonken Escher wäert stoussen.

Méi Informationen ënner www.esch.lu oder beim Service Relations Publiques vun der Stad Esch : relationspubliques@villeesch.lu - +352 2754 - 4101